
Néckel Kremer



# ERËNNERUNGEN

BIBLIOTHEQUE NATIONALE LUXEMBOURG
Fonds Luxembg.
LB
4755

Texter, Zesummestellung an Editioun vum Néckel KREMER, Déifferdang
iwerlies vum Heng RINNEN fir d'Aktioun Lëtzebuergesch
Saz an Drock : Dréckerei HEINTZ, Péiteng
All Reproduktiounsrechter leiën beim Néckel KREMER

Editioun Abrëll 1988

# Mäin drëtt Lëtzebuerger Buch . . .

No dem Buch, „De Krich am Ënnergrond" (1985) an nom Buch „Wéi et deemools wor (1987), déi allebéid e groussen Succès an och eng gutt Kritik haten, hun ech dem Wonsch vu ville Lieser gefollegt an een drëtt Buch geschriwen.

Et soll vu vir ewech gläich gesot gin, datt och an dësem Buch nach laang nët alles konnt geschriwe gin, wat am ganze Land an där Zäit vu 4 laange Jore geschitt as.

Ech hu mär vill Méi gin, fir duerch d'Land ze fueren a Leit opzesichen, déi bereet woren, mär als nach lieweg Zeien hir Erliefnësser an hir Schicksaler ze erzielen.

Aner hun am Numm vu gudde Patriote geschwat, déi hir intressant Geschichten nët méi konnten erzielen, well si schons laang nët méi ënner ons sin.

Wat mech besonnesch gewonnert huet, wor datt grad eeler Leit mär no esou laanger Zäit hir Schicksalsschléi aus de Krichsjoren nach mat esou vill Äifer a Begeeschterung erzielt hun, wat ech guer nët erwaart hat. Et wor wéi wann si drop gewaart hätten, datt endlech eppes an deër Saach gemaach géng gin, éier guer kee méi vun deër Generatioun do wär.

Well ech selwer déi batter Joren erlieft hun, as et mär méiglech gewiescht, mech an hir Situatioune vun deemools mat eran ze denken fir domat hiren „Erënnerungen" déi néideg lieweg Wiirklechkeet a méngem Buch ërem ze gin.

Et wor onméiglech, all déi erlieft Tatsaachen an dëst Buch eranzekréien.

Déi ronn 170 Eenzelgeschichten sin nëmmen e klengen Deel vun all deem wat mär an dene leschte Méint erzielt gin as.

Datt ech erëm mäi Buch op *Lëtzebuergesch* geschriwen hun, huet och séng bestëmmt Uursach, déi ech op enger anerer Plaz am Buch genee beschreiwen.

Ech hu mäi Bescht gemaach a probéiert, a kiirzester Zäit, a ménger Egenschaft als „einfache Resistenzler", vu méngem Recht Gebrauch gemaach, an ee Lëtzebuerger Buch ënner d'Leit bruecht ze hun, dat op Grond vu séngem Titel a vu sénger Dokumentatioun séng Plaz bestëmmt ënner all dene Bicher anhëlt, déi am Déngscht vun der Hemecht geschriwe gi sin.

Néckel KREMER

## Grouss Familjen . . . Grouss Suergen

Haut, an der Zäit vum Wuelstand, wou jiddereen eppes vum Liewe wëll hun a sech esou wéineg wéi méiglech Suergen opluede wëll, kënnen der vill nët begräifen, wéi déi Familje vun deemools, déi 8, 10 oder esouguer méi Kanner gezillt hun, dat gemaach hun, fir iwerhaapt ze existéieren.

Wann dann esou eng Famill de Krich 1940-45 mat all sénger zousätzlecher Nout ze erdroen hat, wor dat schon u sech eleng e schwéiert Lous an d'Leit hun nët gewosst, wéi se mat den Enner zesumme komme sollten.

D'Famill Bernard PROMME-HENRICY vu Wolwen, bei Pärel, wor esou eng Famill.

Hiirt Haus stung a steet och nach haut direkt un der Strooss, déi vu Pärel op Flatzbur no bei der „Klaus„, wou déi 14 Nouthelfer hire „Sëtz" hun.

Et géng ee bal mengen, datt wéinegstens ee vun dene 14 Nouthelfer hei an do eng Hand mat ugepaakt huet oder och d'Hand iwer d'Famill Promme gehal huet, an dat besonnesch am leschte Weltkrich.

10 Kanner, dovun 8 Jongen an 2 Medercher. Si haten e klenge Bauerebetrib, a wann een sech haut nach virstelle kann, wéi d'Baueren deemools nach bal keng Maschinnen haten, konnt ee begräifen, datt et do nach keen 8 Stonnen-Dag gin as an datt d'ganz Famill eng Hand huet mussen upaken.

Wéi d'Mamm 1938 gestuerwen as, huet dat eelst Meedchen d'Mamm am Stot ersat.

Wéi de Krich kom as, sin d'Suergen nach méi grouss gin. Den eelsten, den Nic., hat sech virdrun an d'Lëtzebuerger Fräiwëllegekompanie gemellt an as de 4. Dezember 1940 vun de Preisen op Weimar geschlääft gin.



*D'Haus vun der Famill PROMME-HENRICY*



*D'Klaus vun de 14 Nouthelfer*

De Jules wor vun der S.A. erwëscht gin, wéi hie mat aner Patrioten „d'Ziedelen" oppeche gaangen as. Hie wor vun engem „frühreifen" Gielemännchen erkannt an ugeschmiert gin.

Wéi d'Gestapo kom as, fir dem Jules säin Handwierk als „Klebemeister" an dat däitscht „Firmeregëschter" anzedroen, wor de Jules nët méi opzedreiwen.

## De Krich um Duerf

Déi däitsch Fahndung no sénger neier Adress hat keen Erfolleg, wëll de Jules nach ëmmer op sénger aler Adress „schwaarz" gewunnt huet. Et wor guer nët esou liicht, dem Jules säi Wunnsëtz „geheim" ze halen aus Regar op de Papp, deem esou eng Noriicht gesondheetlech guer nët gutt kom wär, wëll hien ënner staarker Arterienverkalkung ze leiden hat.

Esou huet de Jules e puermol säin Ënnerdaach gewiesselt an as gutt duerch de Krich kom.

De Mill wor bei der zweter „Sendung" fir an d'Wehrmacht derbäi, déi dem Hitler sollten hëllefen, d'Welt ze eroberen.

Fir hie wor et eng Gewëssensfro, ob hien séng Famill mat dem kranke Papp an d'Hänn vun der Ëmsiedlungskommissioun soll dreiwen oder ob hien an de „saueren Apel" soll bäissen . . .

Den Apel an deen hie gezwonge wor ze bäissen, wor tatsächlech sauer. De Mill huet esou ongeféier „Alles" matgemaach, wat esou e gezwongenen Zaldot huet mussen erdroen.

## Am Kessel vu Stalingrad

De ganz uerge Wanter a Russland, wou si vu fanatesche Kompaniechefen duerch de meterhéije Schnéi gedriwe si gin, bis hie mat sénger „Einheit", déi ënnerwee wéint denen héije Verloschter e puermol huet mussen „opgefrëscht" gin, op Stalingrad kom as.

Hei hun d'Russen no e puer Wochen ee Meter Buedem nom aneren an een Haus nom aneren zréckerobert.

Et wor kee Krich méi et wor eng Häll. D'Zuel vum Mill sénge Komeroden as ëmmer méi kleng gin, bis et och hien erwëscht hat. Et wor nach gutt gaangen a mat engem vun dene leschte Fliger, déi aus der Häll vu Stalingrad eruasgeflu sin, wor de Mill als Verwonnten derbäi.

Deen aneren Dag wor de „Kessel" zou. Dee ganzen Transport as an esou enger grousser „Hetz" an Duerchenaner geschitt, datt de Mill als Verwonnten emool kee „Begleitzettel für Verwundete" krit hat an och nët agedroe gi wor.

## Wat een nët weess . . . kann een och nët verroden

De Mill huet e ganz kuurze „Genesungsurlaub" krit dee jhust duergaangen as, fir op Besuch an d'Belsch ze fueren. Hien hat awer gewollt kee Retourbiljee geholl a séng Leit doheem hun näischt vun him gewoosst.

No de Preisen hire Recherche wor den Infanteriesoldat Emile Promme am Kessel vu Stalingrad ageschloss an huet do weider „für Führer, Volk und Vaterland" gekämpft.

De Preisen hirer Statistik no wor also bis elo nëmmen ee „schwaarzt" Schof an der Famill Promme-Henricy vu Wolwen.



Dat wor de „Volksschädling" Ugène, deen am Ënnergrond op d'Liberatioun gewaart huet.

Elo as d'Rei un de Jos kom, deen de 4. 8. 1923 gebuer wor. Ufank 1943 as hien an den Arbeitsdienst geruff gin an am Mee as hie schon erëm kom.

De Buurgermeeschter huet him en „avis favorable" op séng Demande geschriwe fir eng provisoresch „Dienstverpflichtung" an der Landwirtschaft ze kréien.

Et huet geklappt bi de Mee 1944, wéi d'Preise Leit gebraucht an all „Zurücksetzungen" annuléiert hun.

## Eng Gewëssensfro

D'Preisen haten nët versaumt, gläichzäiteg mat dem Stellungsbefehl dem Jos matzedelen, datt, am Fall wou hie géng drun denken ze desertéieren, séng ganz Famill ëmgesidelt géng gin.

Datt dës „Drohung" eescht gemengt wor, hu verschidde Fäll bewisen, wou déi selwecht Situatioun wor.

De Jos huet sech kee Rot gewosst a verschidde Leit ëm hir Menong gefrot. „Et kann nët méi laang daueren . . . du wäers gesinn, éiers du ausgebilt bas, as de Krich um Enn".

De Jos huet séng Décisioun geholl. Wann et him och schwéier gefall as, hie konnt nët anescht maache wéi ze goen.

No 6 Wochen Ausbildung zu Lübeck as hien an Dänemark kom. Gläich duerno schon un d'Front am Donaubecken.

Séng 3 Woche Fronturlaub huet hie mussen hanner der Front a „Bereitschaft" verbréngen, wëll all Verbindunge mat Lëtzebuerg ofgebrach woren aus dem einfache Grond, wëll d'Amerikaner schon hei zu Lëtzebuerg woren.

Nom Urlaub erëm un d'Front an Ungarn.

E gudden Zoufall huet et wollt, datt d'Preisen zwéi Lëtzebuerger beienaner op Posten am Schëtzegruef gelooss hun.

Et wor eng Onvirsiichtegkeet vum Kompaniechef, wëll wéi hien no denen zwéi Lëtzebuerger gekuckt huet, luchen d'Gewierer nach eleng am Gruef.

De Jos a säi Kolleg woren op déi aner Säit gelaf, wou si vun de Rumäne gefaange geholl gi sin.

## An der Gefaangenschaft


No zwéin Deg Foussmarsch si si zwéin an e Lager kom. Déi éischt Aarbecht, déi si hu musse maachen, wor d'Begruewe vu Läichen, déi einfach ouni weideres an e Massegraf geworf si gin.

Fir nuets ze schlofen, suzen si zu 10 an enger Rei um Buedem. De Jos hat sech eng Plaz bei der Mauer erausgesicht. Hien hat hei d'Méiglechkeet sech mat dem Réck ze stäipen, huet awer de Réck an den Hënner äiskal krit.

Fir den Duuscht ze läschen, hun si sech Schnéi an enger eidler Béchs geschmolt.

Ufank Februar si si op Transport kom fir a Russland. No e puer Deg Foussmarsch sin si a Véiween geluede gin, 50 Mann an e Waggo, Richtung Osten. De Räif hun si vun de Wänn erofgeschäert fir den Duuscht.

3 Wochen huet dee „Véitransport" gedauert. Vun elo u wor de Jos op sech selwer ugewisen.




A Russland as hien an e Lager kom dat nei opgeriicht wor gin. Si woren ouni Feier bei deër batterer Keelt. Vill vu sénge Kollegen haten d'Féiss an d'Been erkaalt bis un d'Knéien, wëll si d'Schong nët ausgedoen haten.

Hanner dem Lager woren d'Läichen op Kéip vun zwéi Meter héich openee getässelt. De Buedem wor ze haart gefruer fir se ze begruewen.

D'Ratioun Brout fir een Dag wor 300 gr.

E gudden Dag as eng Kommissioun an d'Lager kom, déi hir Papeiere kontrolléiert hun.

De Jos wor ee vun denen éischten, déi virun d'Kommissioun kom as. Hien huet sech als Lëtzebuerger erklärt, wat de Chef vun der Kommissioun guer nët kannt huet . . . Germansky a fäerdeg wor et.

Déi aner wore méi schlau an hu gesot „Franzesi". Déi sin an eng aner Brak kom fir op Tambow.

De Jos erzielt da weider : „Ech sin op eng Kolchos kom fir ze schaffen. De Menu huet sech ofgewiesselt zwësche Kornischongen, Ribben a saure Kabes. D'Enn vum Lidd wor, datt ech d'Ruhr krit hun.

De miserable Kascht huet mech kapott gemaach. Ech hat elauter wäiss Pinkelcher um Kierper a sin an e Lazarett kom.

Bei der nächster Krankekontroll sin ech als „unterernährt" op d'Lëscht vum „Heimtransport" kom . . . Dës Kéier hun ech awer näischt gesot.

No ménger Entlassung wor ech 3 Wochen ënnerwee bis ech zu Frankfurt an der Oder „gelant" sin. Hei wollt ech e Billjee fir op Lëtzebuerg huelen. Ech huelen un, datt dee Beamten, deen ech am Schalter gefrot hat, schlecht op Lëtzebuerg ze sprieche wor . . . „Luxemburg, das gibt es nicht" . . . wor d'Äntwert op méng Fro.



НКО—СССР
Воинская часть
полевая почта
№ 61948
„4" сент. 1946 г.

СПРАВКА

Бывший военнопленный Промме (фамилия, имя, отчество) Иозеф, Бернгард, 1923 года рождения освобожден из лагеря для военнопленных и следует по месту своего постоянного жительства в г. Эпен, Вестфалия пров. Саксония.

место для печати

Командир в/ч Красной Армии
полевая почта № 61948

От карантина освобожден.

NKO - UDSSR
Militärische Abteilung
Feldpostnummer 61948

4. September 1946

BESCHEINIGUNG

Der genesene Kriegsgefangene PROMME Josef Fernand - 1923 geboren, ist aus dem Lager für Kriegsgefangene entlassen worden und in seinen ständigen Wohnort, in die Stadt EPEN in Westfalen, Provinz Sachsen zurückgeschickt worden.

Kommandeur der Militärischen Abteilung der Roten Armee - Feldpost Nr. 61948

Von der Quarantäne entbunden

Stempel

Ech hun den domme Preis bei sénger Menong gelooss an hun einfach e Billjee fir op Tréier gefrot.

Dräi Deg hun ech zu Tréier an der Gare geschlof. Ech sin op d'Lëtzebuerger Konsulat gaang, fir ze froen wéi ech heem kéim.

Da misst ech waarde bis e Convoi op Lëtzebuerg zesummegestallt géng gin.

Villmools Merci fir dee gudde Rot . . . ech waarde schons zwee Joër op esou e Convoi, wësst Dir wat dat heescht ?

Et huet geschéngt, wéi wann e Lëtzebuerger Preiss säi Gewëssen erliichtere wëllt. Hien huet mech an der Strooss gesi goen, wéi ech mär kee Rot méi gewosst hun.

Hien huet mär 100 Mark an de Grapp gedréckt a mär gerode mat dem Zuch bis op Oberbillig ze fueren, wou ech da mat engem Naachen déi aner Säit kënnt kommen.

Ech sin och gutt op d'Grenz kom, wou ech schon op der aner Säit e Stéck Lëtzebuerg gesinn hun.

An der Douane hu se mech bekuckt, wéi wann ech vum Mound kéim. Ech muss zougin, datt ech dee Moment nët wéi e Mannequin ausgesin hun, awer ech wor e Mënsch deen Hëllef gebraucht huet.

D'Douanieën hun d'Lëtzebuerger Gendarmerie avertéiert, déi och gläich kom sin. Si hun an engem Buch gebliedert an hu mäin Numm nët ënner dene liewege Lëtzebuerger Flüchtlinge fond.

Si hun sech ëmgedréit, si fortgefuer an hu mech op der preisescher Grenz stoe gelooss. Méi einfach konnt ee kengem lass gin.

E gudde Mënsch, deem ech bestëmmt leed gedoen hun, wor bereet fir op déi aner Säit an eng Cabine oder an e Café fir mech tëlëfonéieren ze goën.

An dem Café, wou dee gudde Mann tëlëfonéiert huet, sutz e Chauffeur vun der Autocar Firma LUX aus der Stad, deen nach wäitläfeg Famill vun eis wor. Wéi hie mäin Numm héieren huet, as hien opgesprongen a wor gläich déi aner Säit vun der Bréck.

Hie wor mäin „Ausweis", datt ech kee „Spioun", an datt ech tatsächlech de Promme's Jos vu Wolwe wär.

Esou séier kann eppes sech arrangéieren, wa kee Verwaltungsapparat dertëschent as.

Wéi schwéierfälleg a komplizéiert et an esou enger Verwaltung deemools zougaangen as hun ech all Dag um Radio héieren, wou den Service de Rapatriement nach bis 1947 no mär gesicht a mäin Numm duerchgin huet, wou ech scho laang erëm zu Wolwen op der „Klaus" bei dene 14 Nouthelfer wor . . .

Ech hun et gelunge fond, datt ech op enger Lëscht offiziell agedroe wor a gesicht si gin, awer an der Gendarmerie hirem Bichelche konnten se mäin Numm nët fannen ?

Mee 1944 bis Mee 1946. 2 Joër aus méngem Liewen, déi ech ni vergiess hun an déi ménger Gesondhät nët gënschteg woren.

Ech géng dene jonge Leit vun haut nëmme wënschen, datt si ni esou eng Zäit matzemaache brauchen".